



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Mobilitéit & Umwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

A sengem RTL-Interview vum 19ten Januar 2019 huet den Här Energieminister iwwert d'Kontroverse bei der Produktioun vu Batterien, déi bei Elektroautoen aktuell zum Asaz kommen, geschwat. Effektiv erkläert hien am Laf vun dësem Interview, dass aktuell un engem neien EU-Gesetz geschafft gëtt, fir d'Batterien esou ëmweltfrëndlech wéi méiglech kënnen ze produzéieren. No deem Gesetz sollen an Zukunft d'Batterien zu 100% recycléiert ginn. Des Weidere sollen d'Metaller an de Batterien an Zukunft propper an duerch sozial héich Aarbechtsstandards ofgebaut ginn, woubäi den Här Minister och eng méi streng Kontroll vu Kannerarbecht erwänt. Dës Aussoe loosse Zweifel un der Ëmweltfrëndlechkeet an Ethik vun der aktueller Produktioun vun Elektroautoen opkommen. Virun dësem Hannergrond erschénkt déi ugekënnegt Primm vu 5000€, déi scho bei dësem Autosfestival soll zum Asaz kommen, aus ökologescher a ethescher Perspektiv zweifelhaft.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wéi legitiméiert d'Regierung d'Subventioun vun aktueller Modeller vun Elektroautoe mat öffentleche Steiergelder, wëssend dass d'Produktioun vun de Batterien, déi bei dësen Autoen zum Asaz kommen, aktuell net ëmweltfrëndlech ass?
- Kann den Här Minister confirméieren, dass mat der ugekënnegter Primm keng Elektroautoe subventionéiert gi bei deene Kannerarbecht am Produktiounsprozess vum Auto zum Asaz kennt? Wéi kann den Här Minister garantéieren, dass an der Produktiounskette vun d'äizäitegen Elektroautoe keng Kannerarbecht zum Asaz kennt?
- Opgrund vun der ökologescher Bilanz vun der Produktioun vu Batterie fir Elektroautoen a wëssend, dass niert der Elektromobilitéit alternativ Untriebstechnologien - dorënner d'Brennstoffzell, den Äerdgas oder Hybridsolutiounen - existéieren, gesäit d'Regierung vir, dës Technologien am aktueller Mobilitéitskonzept ze fiederer? Falls nee, firwat verbléift d'Regierung bei hirer Positioun an der Energiepolitik nëmme op eng Kaart ze setzen? Wat schwätzt an dem Kontext konkret géint d'Förderung vun Alternativen zum Elektroauto?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu